



## VILLE DE DIEKIRCH

### PARKING RESIDENTIELL FAQ (heefeg gestallte Froen)

#### **Ab wéini kréien ech meng Vignette?**

Wann Dir eng Demande gemaach hutt an an engem neie Quartier mat Vignette Parking Residentiell läit, wann dir d'Rechnung bezuelt hutt, kritt dir d'Vignette virum 1. Juni 2022 geschéckt an se gëllt ab dem 1. Juni.

#### **Wéi laang dierf ech mat menger Vignette fir de Parking Residentiell op enger Parkplaz stoen?**

Dem Verkéiersreglement a Code de la Route no, dierf ee just 48 Stonnen op enger Parkplaz stoen, duerno muss een d'Gefier réckelen. Et kann een domat, och mat enger Vignette Parking Residentiell, net den Auto an der Strooss parken an da méi wéi 48 Stonnen an d'Vakanz fueren.

#### **Zu wéi engen Zäite muss ech bezuelen, respektiv dierf ech mat menger Vignette Parking Residentiell parken ouni anzegeheien?**

Zu folgenden Zäite muss een am Parking Residentiell bezuelen, ausser et huet een eng Vignette:  
vu Méindes bis Freides vun 8.00 bis 12.00 a vun 13.00 bis 18.00, Samschdes vun 8.00 bis 12.00

#### **Zu wéi engen Zäiten ass et verbuede mat enger Camionnette (Véhicules destinés au Transport des choses) an der Zon vum Parking Residentiell ze parken?**

“Véhicules destinés au transport des choses” (Camionnetten) dierfen an den Zonen, déi am Depliant ugi sinn tëscht 18.00 Auer owes an 7.00 Auer moies net parken.

#### **Wou ka mäi Besuch parken, dee bei mech kënnt?**

De Besuch parkt sech do wou eng Plaz fräi ass a muss d'Taxe bezuelen, déi an der Zon gëllt.

#### **Wou kann den Handwierker parken, dee bei mech schaffe kënnt?**

Handwierker parken sech do wou eng Plaz fräi ass a mussen d'Taxe bezuelen, déi an der Zon gëllt. Wann de Chantier méi laang dauert, kann een eng Demande maache fir d'Occupation de la Voirie publique, déi mat enger Taxe vun 10€/Dag/Parkplaz verrechent gëtt. Hei kritt een eng reservéiert Parkplaz no beim Chantier. De Formulaire ass bei eis op der Internetsäit (Documents & Formulaires > Bâtisses : Demandes d'autorisation).

#### **Ech hunn ee Motorrad, kréien ech och eng Vignette?**

Wann ee mam Motorrad op enger offizieller Parkplaz steet, muss een och een Ticket huelen an et kann een och eng Vignette Parking Residentiell kréien.

#### **Dierf ech mat mengem Campingcar am Parking Residentiell parken?**

Et dierf ee mat sengem Campingcar an den Zone vum Parking Residentiell parken, wann ee bezilt, respektiv ausserhalb vun den Zäiten, wou een net brauch ze bezuelen. Campingcaren duerfen, esou wéi all Gefier, net méi laang wéi 48 Stonnen op enger Parkplaz stoen, dat gëllt fir ganz Dikrich (a Lëtzebuerg). Campingcaren kënnen keng Vignette Parking Residentiell kréien.

#### **Kann ech mat mengem Camion/Bus op enger offizieller Parkplaz stoen?**

Parkplazen si just fir Gefierer bis 3,5 to.